N°3926
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.04.2026

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Am Chômage ze sinn ass fir vill Leit eng psychologesch an existenziell Belaaschtung, woubäi d'mental Gesondheet vun de Betraffene op d'Prouf gestallt gëtt. Et ass nämlech scho schwéier genuch, op Aarbechtssich ze sinn an do eppes ze fannen.

Doriwwer eraus stellen sech da vill existenziell Froen, well d'Leit am Chômage vun de finanziellen Allocatiounen ofhängeg sinn. Et ass dofir immens wichteg, datt Persounen, déi Chômage bezéien, hir finanziell Ënnerstëtzung zäitgerecht an zouverlässeg ausbezuelt kréien.

Laut den Informatiounen op der Website vun der ADEM gëtt de Chômage reegelméisseg all Mount ausbezuelt. Allerdéngs si mir Fäll zougedroe ginn, bei deenen et zu Verspéidungen an onklorer Kommunikatioun komm ass, mat deelweis géigesätzlechen Informatiounen iwwer d'Ausbezuelungsdatumer.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass et dëse Mount zu Verspéidungen bei der Ausbezuelung vum Chômage komm?
   Falls jo, wat sinn d'Grënn dofir?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés